



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2291 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

1. Kann de Minister déi 175 Mises en demeure méi genau opschlësselen no der Aart vun der Betreuungsstruktur an ënnerdeelt a staatlech respektiv privat Strukturen?

D'Zuel vun de Mises en demeure, déi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 1838 genannt gouf, bezitt sech op d'Strukturen, déi ënnert d'ASFT-Gesetz¹ falen. Dat betrëfft d'Bildungs- a Betreuungsservicer an d'Minicrëchen. Dës Mises en demeure hunn an dësem Kontext ausschliesslech net-conventionéiert Bildungs- a Betreuungsservicer concernéiert.

Et ass wichteg ze ënnersträichen, datt d'Strukture vum conventionéierte Secteur reegelméisseg iwwer d'Analys vun den Décomptes kontrolléiert ginn. Donieft ginn och am Kontext vun der Demande d'agrément, der Erweiderung oder der Erneuerung vum Agrément systematesch Kontrollen am ganze Secteur duerchgefouert. Et existéieren also verschidde Forme vu Kontroll, déi zu verschiddene Momenter uwendbar sinn.

D'Zil bleift et fir all Strukturen, onofhängeg vun hirem juristesche Statut, d'Qualitéit an d'Sécherheet fir d'Kand ze garantéieren, am Respekt vum gesetzleche Kader an am Interessi vun der Mission de service public.

2. Ginn d'Elteren doriwwer informéiert, wa bei der Kontroll vun enger Betreuungsstruktur Verstéiss festgestallt goufen an dës eng Mise en demeure kritt huet? Wa jo, ënnert wat fir enger Form kann oder muss dat gemaach ginn?

Eng Mise en demeure ass en administratiiv Schrëftstéck tëscht dem Ministère an dem Gestionnaire vun der betraffener Struktur. D'Gesetz gesäit an dësem Fall keng verpflichtend Informatioun un d'Eltere vir. Allerdéngs ginn d'Strukturen encouragéiert, eng transparent Kommunikatioun mat den Elteren ze féieren, besonnesch wann d'Mesuren en direkten Impakt op d'Organisatioun vum Service hunn, wéi beispillsweis d'Reduktioun vun der Kannerzuel oder d'Net-Benotzung vun engem Raum.

Am Fall, wou d'Wuel vum Kand a seriöser Gefor ass, gräift de Ministère direkt an, onofhängeg vun enger formeller Mise en demeure. Wann et zu engem Entzuch vum Agrément kënnt, ginn d'Elteren direkt vum Ministère informéiert.

¹ Loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique

3. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 2092 huet de Minister geschriwwen: "D'Konsequenze vu widderhuelte Verstéiss ginn individuell evaluéiert, ofhängeg vun der Gravitéit an dem Wëlle vun der Struktur, d'Normen anzesetzen. Nieft dem Entzuch vum Agreement kann et zu weidere Mesurë kommen, wéi zum Beispill: [...] Restriktiounen am Fonctionnement vun der Struktur". Ëm wat fir Restriktiounen kann et sech heibäi genau handeln?

D'Restriktiounen ginn op Grond vun enger individueller Evaluatioun festgeluecht an orientéiere sech un der Gravitéit an der Natur vum Verstouss. Si kënnen z. B. dës Moosnamen ëmfaassen:

- Limitatioun vun der Kannerzuel, déi d'Struktur dierf ophuelen;
- Temporär Suspensioun vun enger oder méi Raimlechkeeten, beispillsweis am Fall vu gravéierende Sécherheets- oder Hygiënsmängel.

All Restriktioun riicht sech no dem Prinzip vun der Proportionalitéit. Dobäi steet net d'Sanktioun am Mëttelpunkt, mee d'Zil, d'Struktur op hirem Wee zu enger nohalteger Mise en conformité ze begleeden.

Dës Moosname stinn am Déngscht vun der Missioun vum Ministère, déi doranner besteet, d'Wuel vum Kand an eng héichwäerteg Bildung a Betreierung sécherzestellen. D'Strukturen, déi dës Prestatiounen ubidden, gi gréisstendeels duerch ëffentlech Mëttel finanzéiert. Aus dësem Grond ass et essentiel, datt se de gesetzlechen a pedagogesche Standarden entspriechen.

All Interventioun vum Ministère versteet sech an dësem Kontext als Instrument, fir d'Qualitéit ze garantéieren an ze fërderen, am Déngscht vun de Kanner an am Interessi vun enger zougänglecher, vertrauenswürdeger a professioneller Kannerbetreierung fir all Famill zu Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH